

STELLA

Zigeinersteck a 4 Akten

Persounen:

1. Comtesse Gilberte (blind)
2. Comtesse Odette, hir Duechter (schwârz a vive, 16 Joer)
3. Comtesse Henriette
4. Comtesse Erna, hir Duechter, 17 - 18 Jôr
5. Stella (blond) 16 Jôr, e friemd Kand
6. Rosa, Gesellschafterin vum Odette
7. Dorothee, Haushälterin
8. Leni, femme de chambre
9. Jeannette, âl Kannermod vum Odette
10. Eng âl Zigeinerin

1. A K T

(En Zömmen am Schlass vum der Comtesse Gilberte. An der Mött en Dösch mat engem Chröschtbémchen. Op engem âneren Dösch an op Still d'Chröschtgeschenker. D'Comtesse Gilberte schafft nach um Chröschtbémchen, dé kleng an net iwerlueden ass, nömmen Aepfel, vergöllten Nöss, Confetti a Kichelcher)

Gilberte: Ech bleiwen beim âlen; nömmen Uebst, a Kichelcher wöll ech um Chröschtbémchen hun. Wât soll dé Firlefanz, dén haut drun bommelt a blenkt, och nömmen héschen? Neischt, glad neischt, awer Uebst erönnert un de Paradeis, dén Adam an E'v verluer haten, - an d'Kichelcher, déi bedeiten dass d'eiwegt Liewensbrout ons geschenkt gouf an der helleger Chröschtnuecht zu Bethlehem (Bethlehem héscht jo Brouthaus) - Sie bekuckt de Bâm mat Fréd an Ze-friddenhét) Sou, ferdeg! Schéin - nun awer nach d'Kärzen astiechen - hell wor d'Chröschtnuecht wéi d'Engelen den Hirde erschinga sin, hell och, well d'un d'eiwegt Licht fir ons op ass gângen (et klappt rechts) Et huet geklappt, ech sin over nach net ferdeg.

Henriette: (trött an) Ass et erlâbt, Gilberte, därf én an dein Hellegtum anrieden?

Gilberte: (stét, d'Ärm ausernén zwöschend dem Bâm an der Schwéiesch) Nén, nach net. Wârt nach én Ableck.

Henriette: Oh, pardon! ech wäll neischt gesin an nôt emol kucken (hält sech d'Aen zou - ech wollt der nemmen soen - awer du darfs net béiss gin - d'Kanner sin.....(hält op)

Gilberte: (hölt hir d'Hänn vum Gesicht) Wât sin d'Kanner? - Schwätz dach virun!

Henriette: Si sin nach net erôm.

- Gilberte: Du gudd trei Séil - du verstés et fir mech ze tréischten. Dank dem Herrgott, dass en dir esou e frouf Gemitt gin huet, dat iwer all Léd ewech könnt. Du hues dach och schon vill batter Stonnen am Liewen gehat.
- Dorothee: (löscht) Déi vergösst é Madame, an d'höllt én déi gudd mam Schlapp, wann se sech präsentéieren. - Verzeit Madame, dass ech esou frei rieden, der kennt mech jo.
- Gilberte: Wat soll dann elo ze verzeie sin? Wat hätt ech gemach, wann ech dech all déi Joeren net gehat hätt?
- Dorothee: Ferdeg! - Nén, elei sötzt nach eng deischer ze kucken.
- Gilberte: Gefällt en der, mei Chröschtbémchen?
- Dorothee: Wonnerschéin, nömme....(schweigt verléen)
- Gilberte: Wat nömme?
- Dorothee: E bösche kleng.....Eisen ass (schléit sech op de Mond) Ech sollt jo neischt soen.....Déi grouss Bém sollen net méi modern sin....Elo muss ech over goen. D'Madammen kommen derno och onse Chröschtbémchen kucken nôt?
- Gilberte: Natirlech komme mer, mâcht, dass der all do sidd. - Huet der den neie Féschtergesell net vergiess ze ruffen?
- Dorothee: Né, ne Madame.....o, dât ass én, déi Herrschaften werden sech wonneren, wann hien op enger Zitter spillt a mir alleguer (schléit sech op de Mond) hält de stöll, du Maulesch! (knixt) Also bis derno, vill Pläséier, Madame! (gét of)
- Gilberte: (kuckt em no) Pläséier, ech wés net, ob d'Herrschaften esou vill Fréd hätten wéi hir Gesönner (schellt) - Selig die Armen im Geiste, hinnen ass et gin sech mat dém armen Chröschtköndchen ze fréen.
- (Odette stírt eran, fällt der Comtesse öm den Hals a kösst se (si sti lenks) Et kommen: Henriette, Ernestine, Rosette (bleiwe rechts stoen)
- Odette: (ganz lieweg) Bonsoir Mama! (weist op de Chröschtbam) Ah....enmer dén ale Bekannten! (spöttesch) Et werd wuel esou misse sin: Dât ale Chröschtköndchen, den ale Bam, d.h.all Joer déi selwegt Gréisst, déi selwegt Röschtereie, déi selwegt Zuel Kärzen, déi selwegt Kichelcher.
- Henriette: Dât ass net richtig, d'Chröschtköndchen backt all Jor frösch.
- Ernestine: (lacht) Gelt, Mama, wann owens den Himmel esou rout ass, da backen d'Engelcher fir déi brav Kanner. Et war dach schéin, wéi én nach e gudd gléwegt Kand war.
- Odette: A wéi én den Housecker mat Gruschelen an Angscht erward huet.
- Gilberte: (éscht) Wann én de Chröschtdag am richtige Géschd opfasst, kann én nach méi Fréd drufannen, wéi an der Kannerzeit.
- Rosette: (wenkt) Oui, oui, Madame la Comtesse!
- Gilberte: Nu kommt a kuckt, wât d'Chröschtköndchen iech matbruecht huet (Sie höllt önnert dem Bam en Etui mat engem Collier, Bracelet a Renk eraus) Dat ass fir dech mei Kand, zu dengem 16. Geburtsdag (All bewonneren)
- Odette: (Ömárbelt d'Mamm) Wéi bass de ower esou gudd! Merci, Merci aus vollem Härzen, merci léif gudd Mamm!
- Gilberte: Dat war de Brautschmuck vu menger Mamm séileg, a wéi se mer erzielt huet, e Geschenk vun der gudder Prözessin Amalia.
- Henriette: Wat eng Pracht! Dat blötzt an alle Farwe vun Rénbou -
- Ernestine: Bezaubernd! Brillanten a Smaragden!
- Henriette: Beim nächsten Hofball wärd onst Odette önnert allen eraus lichten.
- Odette: (ämárbelt d'Mamm nach émol) Nach eng Kéier dausend mól merci, gudd Mamen. Dausen mol merci. Ech hat mer beim Chröschtköndchen eppes anescht bestallt, awer dat elei ass mer dach léiwer.

- Gilberte: (fällt erschreckt an d'Ried) Nach net eröm? - Vu wou? - Waren se da fortgâng?
- Henriette: Jo, d'Odette, ech kann net derfir, a mein Ernestine war och dergéint.
- Gilberte: (onroueg) Dergéint? Géint wât? - Wat ass dann nemme lass? Huet d'Odette nés en domme Stréich gemat? - O an dösen Owend grad!
- Henriette: Du muss dat net esou tragesch huelen, Gilberte. Se mussen all Ableck.... (lauschert) ech héieren schon d'Schell vun engem Schlitt.
- Gilberte: Vum Schlitt? - Also huet d'Odette dach....? An ech hat em dach esou streng verbueden.....(schmierzlech entrüst) Göllet der Mamm hirt Wuert net méi wéi esou? An dat um Hellegen Owend. (hält d'Hänn virun d'Aen)
- Henriette: (höllt em d'Hänn ewech) Séi dach verstänneg, Schwéiesch. Et ass dach weider neischt Schlömmes drun. - Du kenns jo d'Odette, e bössche bouwe-messeg - mat Verléf - d'Wierder war schéin, de Schnéi fest gefruer, an duerzou huet och nach de Kutscher geklât, dass d'Pärd scho wivill Déj net méi aus dem Stall waren. Wie wéss, sôt d'Odette, ob déi Gelééhét sech döse Wanter nach präsentéiert. D'Mama huet dach haut gär, wann ech se net stéieren, dann ass et och éndun, wéi ech d'Zeit erömbrengen. - Ech mengen, déi Sach wär net esou schlömm. Rég dech net esou op.
- Gilberte: (reselt de Kapp a sét fir sech) Um hellegen Owend eng Schlittpartie, dat gleicht em, ömmer dat, wat et net soll - wat sech net passt - wíem ass dat Kand nogeschlon, wíem gleicht et iwerhapt?
- Rosette: (riffet zur Dir eran ouni sech ze weisen) Madame la Comtesse, ass de Chröschtbémchen déja gekomm? Mesdemoiselles sin arrivées.
- Gilberte: (opgeregt) Non, Rosette, patience! - Henriette, lóss mech elo e wéineg nach eleng - Ech schellen, wann ech ferdeg sin (d'Henriette neigt stolz de Kapp a gét rechts of)
- Gilberte: (falt d'Hänn zum Himmel) Wuerfir o Gott, wuerfir wöllet dat Kand, dat enzezt wats du mir geschenkt hues, mech net verstôn? Ass et meng Schold? - War ech ze gudd? - Ze schwach? - Hun ech seng Féler net zur Zeit gesicht ze besseren? - Hun ech em de Wöll zevill gedon fir meng Rou ze hun? - Well den Dokter mer all Oprengung verbueden hât, no dem Schreck-lechen Dout vu mengem Mann? Leider musst ech démols déi escht Erziehung vu mengem Kand a friem Hänn iweginn. - Hun ech doduerch d'Leift vu mengem enzege Kand agebéisst? - Well ech em friem war? (erschreckt) d'Leift vu mengem Kand! - O Gott, wat eng Iddi! Hun ech dann och wirklech déi richtig Mammeléift zu him? - Nén, nén, dat spiren ech vun Dag zu Dag, wéi ons Hirzer sech emmer méi friem gin (setzt sech nidder an hält d'Hänn virun d'Gesicht) Paus (falt d'Hänn a kuckt steif virun sech) E Chröschtowend war et, wéi mer déi bluddeg Leich vum Grôf an d'Haus bruecht gouf - an der selwechter Nuecht kom d'Kand op d'Welt - Dén arme Wirmchen - De Papp doud, d'Mamm zwöschén Doud a Liewen - Ké frédegt Gesicht huet him gelâcht, ké warme Mond huet et gekösst, keng zärtlech Hand huet et un d'Härz gedreckt.....
- Dorothee: (könnt vu rechts) Madame la Comtesse, duerf ech kommen?
- Gilberte: Jo, komm, komm, hëllef mer.
- Dorothee: Nach keng Lichtercher un (kuckt der Comtesse an d'Aen) (Matlédeg) Eröm Tréinen?
- Gilberte: Wonnert dat dech, mei gudd Dorchen?
- Dorothee: Nén, nén, Madame la Comtesse, ech wéss, ech wéss (höllt se mat béiden Hänn) losst elo déi deischer Gedanken beiseiten; d'Chröschtköndchen wöllet, dat sei Geburtsdag der ganzer Welt soll Fréd brengen, wéi d'Engelcher den Hirten ugekönegt hun. Also, fort mat den Tréinen! Hurteg d'Kärzen ugefangen (allebéid fänken d'Kärzen un) Ons Dammen dobaussen gin schon nervös an zappeleg, an d'Dengerschaft och. - Dir sollt emol gesin, wat dén ale Gärtner eng schéi Kröpchen geschnötzelt huet, fir önnner onse Chröschtbémchen (schléit sech op de Mond) do, ewell hun ech mech verabbelt, et sollt hémlech bleiwen, ech kann awer och net stöll halen.

- Gilberte: A wat war dat dann?
- Odette: E Reitperd: Wés de Mamma, esou ént, wéi d'Fürstin Metternich huet: e Schömmel.
- Gilberte: Du hucs dach zwé Ponnys, an ouni dém wés de, dass ech doch net gät op emgem Pärdd gesin - seiddém dei Papp -(brecht of) losst mer elo kucken, wat d'Chröschtköndchen fir d'Ernestine bruecht huet.
- Odette: A fir d'Tanti, a fir d'Rosette - Ah, do gesin ech eppes(höllt eng Pelzkap) dat ass gewöss fir mein Ernestinchen, nôt Mama (wonkt fröndlech) (d'Odette setzt him d'Mutz op) Wéi schéin!
- Gilberte: (hölt e Mantel) An de Mantel fir derbei!
- Odette: (dét em de Mantel un) Hei eran mat dir, kucken op en passt.
- Henriette: Wéi schéin!
- Rosette: Très, très bien, très commif (comme il faut)
- Gilberte: An dann och nach d'Händschen derzou!
- Odette: (dét em se un) Alt eran dermatt. Elo kann et Wanter gin, a Schnéi an Eis, da gét et hoppla, hop, wéi de Wanter iwer Scholl a Stén.
- Gilberte: (hölt d'Odette beim Arm) Vergiess dech net, mir sin.....
- Odette: Nach net esou weit, gelt! Pardon, Mamchen - Elo könnt d'Tantâ un d'Reih?
- Gilberte: Fir d'Tanti huet d'Chröschtköndchen nemmen dösen Ziedel olei önnner de Bam geluegt. (récht er den Ziedel)
- Odette: Wat, nemmen en Ziedel? (gét bei d'Tata a kuckt an den Ziedel) Hurra, Bravo!(Hölt den Ziedel a göt en dem Ernestine) Lies emol, Ernchen.
- Ernestine: (frédeg liesen) Wéi en neie Piano?
- Henriette: (hölt dem Gilberte seng zwou Hänn) Oh, merci, du léiwt gudd Chröschtköndchen. War et net schon méi wéi genug, dass ech mat menger Duechter önnner Dach geholl gouf.
- Gilberte: Ech bieden dech, Schwéiesch.....
- Henriette: Den Himmel werd dir et dausendmol vergelten!
- Ernestine: (hölt dem Gilberte seng Hand) Du allerbescht vun allen Tataen, merci, merci, dausendmol merci.
- Odette: Elo gött et flott! D'Tatta spillt Piano, d'Ernestine Mandoline, ech Gei, d'Rosette sengt, an d'Mama lauschtert no a klappt an d'Hänn (klappt do bei an d'Hänn) Grandiose Gaudium! (fällt der Mamm öm den Hals)
- Gilberte: (wiert roueg of) Gudd, gudd, losst mer nach kucken wat fir d'Rosette elei stét.
- Odette: Mais oui, pour la bonne Rosette! Ech hun et schon! (fönd Bicher) do luesen se eraus. (Hölt se a get se der Mamm) Hei d'Foublerei vum Lafontaine.
- Gilberte: Jo, wat si schon esou lang gär gehat hätt. Tiens, Rosette, les Fables de la Fontaine an elei den Théâtre Choisi vum Racine.
- Odette: Bravo, Bravissimo!
- Gilberte: An elei nach eppes - pour la maman malade! (hölt önnert dem Bam e Bréif eraus)
- Rosette: (kösst ganz geréiert d'Hand vun der Gräfin) Oh! Madame la Comtesse, mille fois merci!
- Henriette: D'Chröschtköndchen denkt over un alles (sicht önnert dem Bam) ob et awer un sech selwer geduecht huet? ...Natirlech, natirlech, neischt do - nén.
- Odette: Sou mecht si et ömmer. Nie denkt se un sech, ömmer nemmen un déi aner.
- Gilberte: Nôt grad, ech hu fir mech dat allerbescht réservéiert - d'Chröschtköndche selwer, muer de muerger an der helleger Kommunioun.

Dorothee: (ausser Otem) Madame.....oh, pardon, ech hu kén Otem méi (all sprangen erschreckt ausernén)

Gilberte: Wat ass geschitt? En Ongleck?

Dorothee: (ömmer nach kén Otem) Wéi én et wöllt huelen, Madame, en Ongleck an e Gleck zugleich - déi arme Wuerm - bal gefruer am Schnéi -

Henriette: (erschreckt) Gefrur?

Ernestine: " Am Schnéi?

Odette: " Wién?

Gilberte: Da schwätz dach, Dörtchen!

Dorothee: Ech ka jo net. Ech kommen net zou mer----E Médchen, wéi d'Comtesse Odette - esou grouss - ower blond a schmuel - a schlank - sou wéi d'Madame la Comtesse.

Gilberte: Wat ass dat mat dém Médchen?

Dorothee: Am Schnéi - bei der Schlosspart - huet de Kloss et fond?

Odette an Ernestine: Doud?

Dorothee: Nén, Gott sei Dank - nôt doud, mé schon halléif ageschlof....O, ech kann net méi, mein Hätz klappt zevill...et wär secher enfruer an der Nuecht.

Gilberte: Wou ass et dann?

Dorothee: A menger Kummer. Ech hun em gleich The' gemacht an.....

Gilberte: Brong et gleich hir, dat aremt Kand!

Henriette: (erschreckt) Du wärs dach net! - Òm Gottes Wöllen.
(zum Dorothee) Gött em eppes a losst et lafen!

Ernestine: Et ass ganz secher en Zigeinerkand!

Odette: (lieweg) Esou werdet sin - well haut de Mötteg ass eng Zigeinerband ons am Bösch begéint.

Dorothee: (gestikuléiert heftig) Wat? - En Zigeinerkand - Herjemine! Dat sollt der emol gesin - esou geseit kén Zigeiner aus....Déi rengsten Onschuld kuckt em aus den An.

Gilberte: Brong et emol hir!

Odette: (mutwölleg) Jawohl! - et wärd eis hoffentlech net beissen!
(Ernestine an Henriette lachen hart. Dorothee of)

Gilberte: (fir sech) Ech kann dat aremt Kand dach net bei der Kelt op d'Stross setzen. An dat nach grad um Hellegen Owen!

Odette: Mama, denk emol un - ech hat jo bal vergiess dar dat ze soen (röselt sech) schauerhaft! - déi al greisslech Zigeinerin, déi mech viru Joren - wés de nach, wéi ech am Gard gespilt hun - op den Arm geholl a gekösst huet - (röselt sech eröm) schauerhaft - ass eis haut jo am Bösch, o, ech hun se gleich nach erkannt, nés eröm an de Wé getratt.

Ernestine: (lobhaft) Jo, déi al Hex! - Brrrr! (schudert sech) si huet sech un eise Schlidd ugekluddert an ass steckwés matgelaf, bis d'Odette er eng mat der Batsch gån huet.

Gilberte: (erschreckt) O Gott, mei Gott!

Rosette: (schleit d'Hänn zesammen) Ah! mon Dieu (röselt de Kapp)

Ernestine: Da lauschttert emol wat se dem Odette zougeruff huet.

Odette: (fällt em lieweg an d'Ried) "Mein Schätzchen, sei auf deiner Hut", huet se gejaut.

Gilberte: (éscht a besuergt) Kand, Kand, wuerfir hues du mir net gefollegt? Wéi streng hat ech der dach verbueden haut eraus ze fueren!

(vu rechts kommen eran: Dorothee a Stella. Dat lescht einfach geklét, awer propper, ongeféier d'selwegt Gréisst ewéi d'Odette awer blond. All

kucke gespannt a virwötzig op et. D'Gilberte ass frou, awer erschreckt an iwerrascht. Fir dat ze weisen falt se onwillkürlech d'Hänn a kuckt zum Himmel)

- Dorothee: (könnt eran, schiebt d'Stella lues vrun sech) Géi nemmen, du brauchst net ze färten (d'Stella gréisst bescheiden mat dem Kapp) Dô ass dat aremt Kand, Madame, et ass em e böschen Angscht.
- Gilberte: (récht em déi rechts Hand, a lét em déi lenks op de Kapp) Wéi héschs du dann, mei Kand?
- Stella: (bescheiden) Estelle, Madame, gewéinlech gin ech Stella genannt.
- Gilberte: (streicht em d'Locken aus der Stir) Sou? - Stella?
- Stella: Ech héschen eigentlech Maria - Stern. Meng Eltern hu mech netme Stella genannt.
- Henriette an Ernestine schwätze lues matenén a gin dem Odette allerlé Zéchen)
- Gilberte: Wou wunnen deng Eltern? Wou könnst de hier a wou wöllst de hin? (Stella frösteit an ziddert) Du schudders dech! (Fillt de Bols) Du hues Féiwer. - Dorothee féier et schnell an d'Bett - dat aremt Kand - a scheck e Kniecht den Dokter ruffen.
- Dorothee: Wou soll.....?
- Gilberte: An der Frieme-Kummer - mach gudd Feier dran. Ech komme gleich op kucken. Nu géi mei Kand, derno verziels de mer vun dengem Eltern....
- Dorothee: (fällt an d'Ried) Déi sin doud, Madame. - Wat huet den arme Fuerm net scho matgemach!
- Stella: (gréisst héiflech) Merci, Madame (allebéid of)
- Henriette: Ech kann dech net begreifen, Gilberte, en erageschnait Zigeinerkand...
- Gilberte: Et ass kén Zigeinerkand - dat geseit én dach op den eschte Bleck - a wann och nach, ech kann dat aremt Kand net am Schnéi enfréiere lossen.
- Rosette: Ah, mon Dieu, non!
- Odette: Bong, ech schloe vir elo de Chröschtbam an den Hirdenzirkus ze besichtigen, den d'Dorothee versprach oder villméi verrodene huet - Dat get ertem aner Gedanken no der Zigeinerepisode.
- Ernestine: Jo, ech si ganz virwötzig, wat esou Dengschtleit ferdeg bringen sollen (et héiert é sangen) Lauschttert se prouwen nach."Ihr Hirten erwacht.... (hannert der Bühn)

V o r h a n g

N.B. Es treten auf: mehrere Hirten von Bethähem, verkleidete Diener mit Schalmeien und weibliche Dienstboten als Hirtinnen verkleidet. Die ersteren spielen auf den Schalmeien oder Ihr Hirten erwacht. Nach der letzten Strophe fällt der Vorhang. Die Musik kann eventuell hinter der Bühne durch Violine oder Flöte gemacht werden. Das Ganze kann auch ausfallen.

2. A K T

En Zommer am Schlass, wéi am éischten Akt. An der Mött en Dösch mat engem Bliederstack, Bicher, Still. Beim Döschchen sëtzen d'Comtesse Gilberte an Henriette, - Gilberte ang Néiarbecht, d'Henriette e Buch an der Hand.

- Henriette: Né, wéi gesot, ech wöll der guer keng Virschroft man! Et stét dir absolut frei ze man, wats de wölls. Ech wollt dech nömme warnen, fir dass de mir ké Virwurf mache kanns, wann et fél schléit.
- Gilberte: (schwetzt schnell dran) Ech bieden dech, dir e Virwurf man! Ech wesst net wuerfir. Du schwätz esou geheimnisvoll als ob - Gott wéss - wat fir en Ongleck duerch dat arent Kand entstoe könnt.
- Henriette: (mat enger onwölleger Handbewegung) Loss mer dat Gespréich fale lossen. Mach wats de wölls - ech hun dech gewarnt, an donat a (mecht d'Buch op a liest)
- Gilberte: Nén, Henriette, donatt ass d'Sach fir mech net erlédegt. Wanns du irgend eng Klo géint d'Stella hues, da so et frei eraus, ech wöll et wössen.
- Henriette: (ouni opzekucken) Ech halen et fir eng Heuchlerin!
- Gilberte: Nén, Henriette, dat ass et net. Hues du e Beweis derfir? - Ouni Beweis ass et schwéier gefélt en Urtél ze fällen.
- Henriette: E Beweis? - Ass seng zweifelhaft Hierkunft net Beweis genug? (verächtlech) Zigeinerpak ?
- Gilberte: (entrüst) Zigeinerpak? - Wéi könntst du dann duerzou, dat arent Stella enmer mat Zigeiner a Beziehung ze brengen? - De Géschtlechen aus senger Hémecht huet mir dach sein Dáfschein an den Doudesschein vun sengen Elteren gescheckt, an donat ass alles bekräftegt, wat et mir erzielt huet. Sei Papp wor e Schoulméschter, dé sei Kand an allem ömmerrecht huet, souguer Zéchnen, Molen a Musek huet en et geléiert. D'Mamm wor eng gudd fromm Fra, wéi den Här Paschtouer mir geschriwen huet.
- Henriette: Schrouw en der dann och, dass d'Stella net hirt égent Kand war?
- Gilberte: (kuckt erschreckt öm sech) Mei Gott, wouhir hues du dat?
- Henriette: (triumphierend) Ah, huet den Här dir dat net geschriwen?
- Gilberte: (onroueg) Dach, dach, nemme wollt hien, dat d'Stella neischt soll gewier gin dovun? - O verspriech mir op deng Eéier, dém arme Kand, dat Léd ze erspueren!
- Henriette: (firt kal fort) Da wéss de elo och, dat et Zigeiner waren, déi dat Kand dem Schoulméschter virun d'Dir geluegt hun, wou seng Fra et zuerges fond huet.
- Gilberte: Dass et Zigeiner woren, dat ass, wéi den Här schr iwt nemme gezweiwelt gin, well den Dag virdrun d'Zigeiner sech am Duerf erömgedriwen haten.
- Henriette: An dat ass dir net Beweis genug?
- Gilberte: Beweis? - Wuerfir?
- Henriette: (onwölleg) Du bass blann, wells de nôt wölls gesin.
- Gilberte: Durchaus nôt - Wann och feststeng, dass et Zigeiner woren, déi dat Kand dem Schoulméschter virun d'Dir geluecht hun, wat follegt dann doraus? - Sie konnten dén amme Wirmchen jo gestuel hun.
- Henriette: (spöttesch) Wonnerbar! - d'stielt én eppes, fir et eweg ze werfen.
- Gilberte: (roueg an éscht) Et wor villeicht e Racheakt. Wié wéss op nôt dem Kand seng Mamm sech nach haut d'Härz wond verlangert an d'Äe wéi kreischt - Et sief, wéi et wöllt, d'Stella soll nie gewuer gin, dass e Schied op senger Hirkonft leit, dass déi, déi et fir Papp a Mamm gehalten huet, nôt seng Eltere waren. Dat versprechs du mir.

- Henriette: (zreckhalend) Wann et^{et} net vun anerer Seit gewuer göt. Ech hun eng Ahnung, ech wéss net wuerfir, wéi wann deng Guddhét der aplatz Ségen, déns de iwregens verdenge géifs, nemme Fluch géif ðrengen.
- Gilberte: Wéi könnst de dann nemmen op de Gedanken?
- Henriette: (zéit d'Schölleren) Wéi ech durob kommen? Hues du da vergiess, dass et eng Zigeinerin war, déi dengem Mann e schauerleche Fluch nogeruff huet, wéi en ouni seng Schold den Hauptmann vun der Band am Bösch erschoss hat? Ass dé Fluch net e Jor duerno op der selwegter Platz an op déi selwegten Dag an Erföllum gang? Et gouf wuel vermömpelt, de Grof wier vun Pärde gefall. - Fir mech ass dat over erescht geschitt, wéi en d'Zigeinerkugel am Härz stiechen hat. Esou rächen sech d'Zigeiner!
- Gilberte: (schmerzlech seufzend).....Ech wés et net!
- Henriette: Et get erzielt, dass démolst d'Zigeiner hei woren.
- Gilberte: (bedeckt d'Gesicht mat den Hänn) Mei Gott!
- Henriette: (lieweg) Nu rechnen nach derbei, wat d'Odette eis erzielt, dass d'leschter eng Zigeinerin him zougeruff huet: "Schätzlein, sei auf deiner Hut"!
- Gilberte: (denkt no) Wat ass domat gemengt?
- Henriette: (geheimnisvoll) Wié wéssst? - allenfalls - ob é vleicht?.... esou vill stét fest, dass d'Stella mat der Band a Verbindung stét. - Wéi koum et eigentlech heihin? Wuerfir huet et d'Elternhaus verloss?
- Gilberte: Du wéssst et jo. Et wollt, wéi et mir erzielt huet, sech eng Platz siche goen.
- Henriette: (höhnisch) Dun ass et oennerwés den Zigeiner an d'Eräpp gefall - d'gouf bei der Schlappart vun.....
- Gilberte:Nén, et gouf vun enger Zigeinerin verfollegt a wollt...
- Henriette: (weider höhnisch) An dat gléwst du em op d'Wuert?
- Gilberte: Wann d'Stella enger Lige fähig wär? - wann et sech esou verstelle kann? wann déi schéin hellblo Aen, déi reng an edel Stir....
- Henriette: (erregt a batter) Ja, do hu mer et jo, déi schéi Fratz huet dech gepackt (spöttesch) Déi schéin himmelblo Aen - de schwärmeresche Bleck - d'Odette ass dervu verzaubert a verhext - dat ass eppes fir dat - eng Spillsach wéi hat se brauch - wann nemmen déi Spillpopp net geféierlech gött - wann déi léiw Kätzchen net op émol d'Kropen auserné mecht! Zum Gleck huet mein Ernestine méi Verstand a Stolz, méi Mönshenkenntnis an Erfahrung! Et wöllt vun dem Zigeinerkand neischt wéssen.
- Gilberte: (roueg a würdevoll) Ech muss, mei léift Henriette, nun elei rat Escht oprieden, an der son, dass ech dat Wuert "Zigeinerkand" net méi héiere wöll, et beléidigt mech. - Ech hun d'Stella esou gär ewéi mein égent Kand an ech wöll dat et vun allen am Haus als mei Kand ugesin a behandelt göt.
- Henriette: (hiewt sech a verneigt sech höhnisch) Ech wöll mer dat mierken, Madame la Comtesse (get stolz rechts of)
- Gilberte: (luecht em erschreckt an traureg no) Mei Gott, hun ech e Wuert zevill gesot - esou verbattert huet meng Schwéiesch nie geschwät - Wat soll et nemmen géint d'Stella hun? Ass et an der Angscht et könnt ons vun dem Zigeiner en Ongleck duerch hat kommen? - Wuerfir huet déi Zigeinerin zum Odette gesot: "Schätzlein sei auf deiner Hut"? - Wat kann se domat gemengt hun? - Rätsel ouni Léisung - Zou gudder Lescht ass dat ament Stella, ouni dass et dervu wéssst, d'Möittel zu enger Rach - Et sief wéi et ass, dat Kand ass en Engel an ech si frou, dass mein Odette vun em bezaubert a verhext ass, wéi d'Schwéiesch sét.... Wann nemmen déi gudd Staut net ob émol ömschléit an dat wöllt Odette e gudde Muergen seng léif Spillpopp mam Fouss op d'Seit stéisst - et wär des ömstand.

- Dorothee: (opgeregt) Madame! nén... warden... ech hu kén Otem méi. Du héiert nun over alles op!
- Gilberte: Wat ass dann Dortchen? Setz dich emol - Du bass jo....
- Dorothee: (fällt dran, erschöpft, rengt no Otem, setzt sech).....Mei Gott, do soll én net aus der Haut fueren?...nach net do gewiescht...esou eppes...nach nie hat ech de Kloss kreische gesin, awer haut - dén ale Gesell huet gekrasch - gekrasch huet en, Madame, wéi e klengt Kand.
- Gilberte: Nu jé, Dortchen, loss mech dach net esou lang warden op dat schrecklechst, wat ass et nemmen?
- Dorothee: (verléen, streichelt iwer d'Schierteg) Madame la Comtesse wés dach - - nén, ech kann et net verroden - t'huet jo och ké Wert méi - d'ganz Fréd ass hin - et sollt eng Iwerraschung sin zu ärem Geburtsdag.
- Gilberte: Over ech wés jo elo nach neischt!
- Dorothee: Nu jé dann, kloer erausgesot - t'huet én se ofgerass ...ofgerass mat dem Sill.
- Gilberte: Wat ofgerass?
- Dorothee: (mat hefteger Entrüstung) D'Agraffe, déi nemmen all 100 Joer bléit!!Et ass schrecklech....déi escht Agraffe.
- Gilberte: Wéi, Dora, d'Agave??
- Dorothee: Jo, sou nennt de Kloss se, net der? Et ass déi escht Blumm op der heger, pickeger Palm, déi d'Leit Jikka nennen. Sie soll schon 100 Joer am Schlassgart ston, an döt Joer huet si déi escht Blum.
- Gilberte: (traureg) An déi ass ofgerass gin?
- Dorothee: Jo!
- Gilberte: Vu wíem?
- Dorothee: Dat ass et jo? Vu wíem? - Dat wéss ké Mönch. Wéi sei Kand a sein égent A, sét de Kloss, huet hien déi Blum gepflegt - well elo kann ech et jo ganz verroden - hien huet se....
- Gilberte: (fällt an d'Ried) Huet de Kloss da kén am Verdacht?
- Dorothee: Wéi kann en dann? - Der Dengerschaft, sét de Kloss, trauf en dat net zou. Vun hinnen könnt d'ganzt Jor kén an dén Dél vum Gard....
- Gilberte: Wor da soss kén dös Dég do?
- Dorothee: Nén, nemmen d'Comtesse Odette an(schweigt)
- Gilberte: Nun, an..?
- Dorothee: Mamsell Stella, soss kén.
- Gilberte: Mei Gott, d'Odette wärd dach net
(An der Dir erschengt d'Stella mat der Blum)
- Stella: Madame la Comtesse, duerf ech?
- Gilberte: Gewöss mei Kand - mei Gott, wat hues de do?
- Dorothee: (erschreckt) Dat ass jo...nén...do héiert nun over alles op, dat ass jo, d'Agraff!!!
- Stella: (unbefangen) Agave héscht se - Amaryllis - mei léiwte Dorchen, oder Jukablum, göt se och genannt.
- Gilberte: Over mei Kand, wou hues du déi Blum hier? - Du wars se dach net ofgepleckt hun?
- Stella: (bescheiden) Ech? Ofgepleckt?
- Dorothee: (ängschtlech) Mei Gott!
- Stella: (fiert roueg weider) O né, Madame la Comtesse, ech plecken iwerhapt net gären eng Blumm of, well ech se op hirem Still an op hirem Stack méi

schéi fannen. Mei Papp sot ömmer: D'Blumme sin fir all Mönsch op der Welt, an ouni gudden Zweck, wéi fir d'Kirch, fir d'Griewer, fir e Kranken oder fir engem Fréd ze man soll é keng ofplecken.

Henriette: (hannert der Bühn) Et ass ower och fir rosen ze gin. T'Kann én em neischt verdenken (trött vu rechts mam Erna an) Hut der et schon héieren? Déi schéin Agave ass.....wat gesin ech? Wéi könnt déi Blum? - Gilberte schwätz...wién huet se ofgerass?

Ernestine: (mat erheucheltem Staunen) Stella? du? Wéi könns du un déi Blum? - So? Hues du?...

Stella: Ech hun se a menger Kummer fond!

Henriette: (lächelt) Aaaaah!

Stella: (roueg) Si stung op mengem Dösch an enger Vas. Ech sin erschreckt, wéi ech se gesoug, well d'Odette mer göschter erescht gesôt hat, wéi grouss hire Wert wir. Duerfir wollt ech gleich se der Madame Comtesse brengen.

Henriette: (wéi uewen) Aaaaah!

Erna: (hönesch) Dat klengt jo bal wéi eng Wourecht, déi é gléwe muss.

Gilberte: (höllt d'Stella mat der Hand) Em wellech Zeit, mei Kand, wars du göschter mam Odette am Gard?

Stella: Nom Möttegiessen, Madame la Comtesse.

Gilberte: Kanns du dech net erönnere, wivill Auer et ongeféier war?

Stella: Villeicht esou géint 2 Auer

Gilberte: An duerno wors du net méi do?

Stella: Nén, Madame la Comtesse

Gilberte: D'Odette nich nôt?

Stella: Ech gléw net; mir woren um Eis bis géint owend.

Gilberte: (zum Dorothee) Huet de Kloss net gesot...

Dorothee: (fällt dran) Dach, dach, Madame la Comtesse - Natirlech huet en et gesot, e wär géint 6 Auer do passéiert, du wär d'Blum nach do gewiescht. De Muerge eresch wor se fort.

Henriette: (spöttesch) Wéi wonnerrbar. Dann huet gewöss hönnt e Géscht, en Heinzelmännchen se gepleckt an op sein Dösch (weist op d'Stella) gesat.

Ernestine: (lacht hard) Esou wärd et sin. - Dat schéint léift Stella stét mat de Géschter am Bond.

Dorothee: (boshaft zum Erna) Oder eng Hex huet dem arme Kand e Streck gespillt.

Gilberte: (traureg) Mir ass déi Sach e Rätsel.

Henriette: (boshaft) Mir glad net - déi Blumm koum dach net vum selwen - wéi kann én do nach zweiwelen?

Gilberte: Du wölls dach net d'Stella...?

Henriette: Mé fro et dach selwer. D'Lige stét em jo op der Stir geschriwen.

Gilberte: (léif) Mei Kand, ech wéss, dass du d'Wourecht sés. Wéi komm deng Blumm an deng Kummer?

Stella: Madame, ech wéss et net. Ech hun dém, wat ech gesot hunneischt beizeetzen

Henriette: Verstellereg Hex!

Erna: Wéi kann et soss gewiescht sin?

Dorothee: (erregt) Hat wor et nôt)

Erna: (trotzeg) An dach, hat wor et.

- Odette: (man Rosa) Hat war et nöt! (all trieden se erschreckt op d'Seit) Déi Blumm huet d'Odette ofgerappt (fällt virum Gilberte op d'Knéien) Verzeih mer Mamma, dass ech der Verdross gemach hun.
- Gilberte: (zéit et op) Odette du???
- Odette: Jo, ech. D'Erna hat mech béis gemach.
- Erna: (entrüst) Wién? Ech?
- Odette: Jo, göschter Owend, wölls du net mat eis...net mam Stella sange wölls. A mengem Ierger sin ech an de Wantergart gangen - a wann ech esou an d'Roserei kommen - dann ass et mir, wéi wann e béise Goscht a mer stech - da muss ech mech un eppes ergreifen, fir net ze erstecken - du sin ech bei d'Agave komm, hun se ofgerass an hémlech hun ech se herno....
- Gilberte:dem Stella an d'Kummer..?
- Odette: Nén, dem Erna zur Fenster eran an d'Kummer geworf.
- Gilberte: An d'Erna huet se dun - fir de Verdacht op d'Stella ze brengen...
- Erna: Jo, dat hun ech, well ech gemengt hun, hatt elo (weist op d'Stella) hätt mir dé Stréch gespillt.
- Odette: Du hues
- Erna: (trotzeg) Jo, dat hun ech - geseis de, sou schlau wéis du ass d'Erna och (zorneg rechts of)
- Henriette: (öm no) Ower Kand, du wärs dach net (of)
- Rosette: O sainte Madonne, quelle pitié!
- Dorothee: Dat gleicht dém!
- Gilberte: (éscht zum Odette) Mei léift Kand, elo geséis de, wéi é sech an dénen aneren schueden kann, wann é sech vu sengen béise Launen beherrsche léisst. All Leidenschaft, si kann hésche wéi se wöllt, schafft Leiden. Dat sét hiren Numm. Dat erliewe mir un hir wa mer se net beherrschen.
- Odette: Verzeih, Mama (höllt d'Stella öm den Hals) Hätt ech gezweifelt ...Et dét mer léd fir dat armt, gudd Stella (zum Stella) Abscheilech war dat vun Erna, dé Verdacht op dehh ze lenken.
- Gilberte: (éscht) An du? Hues du net datselwecht mam Ernestine gemach?
- Odette: Né, Mama, nén. Bei menger E'er! Dat war meng Absicht net. - Ech hat net wölles én ze kränken, wéi ech d'Blumm ofgerass hun, an och net, wéi ech se zur Fenster erageworf hun.
- Stella: (flehentlech zur Gräfin) Dat gléwen ech, Madame, verzeiht dem Odette. Et hat et net béis gemengt.
- Rosette: Oh, non, pas méchante, asse gudd.
- Dorothee: Mir dét et nemme léd fir dén arme Kloss, dé guddé Kérel. Déi Agraffe war em esou un d'Härz gewuess.
- Rosette: Pauvre Kloss!
- Odette: (löschtég) Ech wärd hie schon getrescht kréien, iwerlosst mir dat. (höllt d'Stella bei der Hand) Allez, hopp fort op d'Eis! Du gléws net, Mama, wéi d'Stella schon esou flott op den Eisschong léft.
- Rosette: Oui, sarr flott, merveilleusement!
- Stella: (zum Gilberte) Erlabt er eis, Madame la Comtesse?
- Gilberte: (streichelt em d'Locken) Gär mei Kand. (zum Odette mam Finger drohend) Nöt ze vill keng, nöt ze weit an d'Mett. Du wéss, wéi déif...
- Odette: (lieweg) Nömm keng Angscht. Därf d'Mansell Rosette mat,oen?
- Gilberte: Natirlech, wann se Loscht derzou huet.
- Rosette: Ah oui! gèrr, gèrr!

- Odette: (mutwölleg) Dajé, hoppla fort (kösst d'Gilberte) Adieu, Mama!
- Stella: Au revoir, Mme la Comtesse (kösst er d'Hand)
- Gilberte: Esou ass a bleiwt et - emmer, mein Odette. Kann én em mat Eescht béiss sin? (seufzend) An dach ass et mer esou Angscht fir d'Zukunft. Wuerfir ass et net wéi d'Stella? Esou escht a gewössenhaf, an dach esou lieuens-frou, a monter, sou.....O Dorothee, ass et net gefélt, dass ech fir d'Stella - Gott verzeih mer, ech si mer selwer e Rätsel --Vum eschten Ablek un hat dat friemt Kand mei ganzt Herz, d'Ganzt Léift vu mengem Herz gewonn.
- Dorothee: (glückstrahlend) D'gét mir grad esou, Madame la Comtesse - Dat Stella ass de rengsten Engel - (schléit sech plötzlech un d'Stir) O mei, dá fällt mer an - esou eppes liewt nun awer net méi, nén, dat ech dat vergiesse konnt. - Do dreckt jo de Muergen do der Möss e Jong sech duerch d'Wull bis bei mesch durech an dreckt mer dé Bréifchen elei an d'Hand (hólt de Bréif aus der Täschen)"Un d'Madame la Comtesse" - Ir ech mech ömsin hat war en op an dervun.
- Gilberte: (während dém se de Bréif hasteg op mecht) E Bréiff??? T'wärd wuel vun engem Arme sin (nodem se gelies huet) Mei Gott, wat soll dat héschen? Dorothee, lauschter elei: (liest) Léif Madame la Comtesse! Sit dém Kand, dat den Herrgott Iech un Chröschtowend gescheckt huet, recht gudd. Et verdengt är ganz Léift."
- Dorothee: Bleiwt mer net mei Verstand stoen? - Do héiert nun ower alles op.
- Gilberte: Hues du de Jong net kannt?
- Dorothee: Né, wéi gesot, ir ech mech ömsin hat, war hien derduerch.
- Leni: (trött knixend eran) Madame, denkt emol un! De Kloss wöllt fort! En huet dem Verwalter scho gekönnegt.
- Gilberte: Wié wöllt fort?
- Leni: De Kloss.
- Dorothee: Bass du net gescheit? De Kloss wöllt fort an huet....
- Leni: Jo, an huet gekönnegt.
- Dorothee: Do héierg nun ower alles op! Do ass neischt anescht schold drun, wéi d'Agraffe. Déi war em, wéi e Kand un d'Herz gewuess.
- Leni: Jo Madame, kommt emol mat of an de Pavillon. - Do sötzt de Kloss ze kreischen.
- Dorothee: Dén arme Kéirel - Et ass over och....
- Gilberte: Ech kommen, Lenchen (Leni knixend of)
- Dorothee: Losst en nemmen net fort, Madame
- Gilberte: Wat de Bréif betröfft, Dorothee, sou därf soss kén, wéis du eppes dervu wössen, bis d'Sach opgeklärt ass - héiers de?
- Dorothee: Selbstverständlech!
- Gilberte: Gudd, da losst mer goen (rechts of)
(lenks trieden d'Henriette an d'Erna eran)
- Henriette: Op déi Weis könnst du hir net bei (sét dat onwölleg)
- Erna: (sdhmollend) Wuerfir dann net?
- Henriette: Sou ongescheckt, wéi meéiglech!
- Erna: (wéi uewen) Dat gesin ech net an.
- Henriette: (setzt sech onwölleg) Natirlech net! Ech soen der, sou ongescheckt wéi méiglech. - Do war dach honnert géint ént ze wetten - wann och d'Odette sech net selwer verroden hätt - dat sie nie un d'Schold vum Stella ge-gléwt hatt. (spöttesch) Si hält d'Zigeienrin jo fir eng Helleg. Né, mei Kand, do musse mir - loss mech nemmen - Au, mach du, wat deng Mamm

sét. Virun allem duerfs du dir d'Odette net nach méi verfriemen. Iwerwann dech, an dong em de Wöll! Du kenns et jo, et verdréit ké Widersproch - du wés, mir sin hei, wéi de Vull um Reis!

Erna: Si mir arm?

Henriette: (batter) Sou arm, dass wann én eis haut virun d'Dir setzt, mir mar.... dach dorun ass jo net ze denken. T'Tante ass eis gudd, an si géif nie.- ower sie ass....sie könnt plötzlech stierwen - d'Odette ass énzegen Ierwen vun alle Gidder. - Nu werds du mech verstoen. Weh eiser, wa mer ons mam Odette verfeinden. Dat beigelafend Zigeirnerkand verstét et, sech a sein Herz anzeschleichen an eis....duerfir séi op der Mol, a nach, wat ech der soen. No an no muss du dir den Terrain erueweren. Mir müssen et ferdeg brengen d'Odette jalous ze machen géint d'Zigcinerin, esou mat Hass z'erfüllen, dass - dat schwieren ech - et én Dag oder dén aneren esou weit könnt, dass et déi schéine, gudde Fratz bei de Kuckuck jét - Kapp hech, mir siegen!

V O R H A N G

3. A K T

(Schlasspark - rengsöm Bém - am Hannergrond rechts a lenks eng Bänk. Vu rechts könnt d'Odette mat dem Hut an den Hänn, fir e Peiperlenk ze fanken, d'Hoer durchernén).

- Odette: (könn era gestirzt) Wart, Fröndchen, elo kréien ech dech (geheit sech op d'Knéien, wéi wann et de Peiperlenk önnert dem Hut hatt)
- Stella: (Den Hut um Kapp) Nun, hues d'en?
- Odette: Jo klor! (Häät déi eng Hand op den Hut, streckt déi aner géint d'Stella) Bleiw stoen, soss entwuscht en mer erem! (hiewt virsichtig den Hut op) Der Dausend, ech hun e jo guer net!
- Stella: (hallef hart) Gott sei Dank, dat arent Déier, do fléit en (weist no lenks)
- Odette: (hiewt sech op a kuckt dahinner) Jo, an der Dout, ech kréien en dach nach (wöllt em no goen)
- Stella: (hält et un) Loss dem armen Déierechen dach seng Freihét.
- Odette: (hölt de Parasol, dén et virdrun mat dem Hut op de Buedem geheit huet) Nén, ech muss en hun, well et dén eschten ass an dösem Joer. Komm mir kréien en, hopp! (zéit d'Stella mam Arm fort)
- Stella: Nén, ech bieden dech, Odette, loss en, wat wölls de da mat dém armen Déierchen machen?
- Odette: (trotzeg, iwermiddeg) Wat ech dermat ma wöll, wéi kanns de escu froen, du Topert, mat enger Nol op den Hut spængelen.
- Stella: (erschreckt) Nén, dat mechs du net, geldu?
- Odette: (totzeg) An ech man et!
- Stella: Wat hues du dann dervun?
- Odette: Et mecht mir Spass.
- Stella: Spass, en arent Déier ze pengechen! Kennst du dat Sprechwuert net: "Quäle nie ein Tier zum Scherz..."
- Odette: (fällt em lachend an d'Ried) Natirlech: "Denn es könnte geladen sein" Ass et net esou? An dat anert? "Spiele nicht mit dem Schiessgewehr, denn es fühlt wie du den Schmerz", sou ass et jo?

- Stella: (lächelt) Nén, öngekéiert.
- Odette: Natirlech öngekéiert. D'ganz Welt ass öngekéiert. (dréit d'Stella öm) Do och, marsch fort, dem Peiperlenk no (stéisst hat virun)
- Stella: Du hues jo dein Hut (Höllt him en vum Kapp) ganz verknautert!
- Odette: (hölt a bekuckt den Hut) Richtig dätsch, wéi eng Maus mat der d'Katz gespillt huet (setzt sech en an d'Akaul) Wéi s'et e mer esou? Net iwel? (lacht herzlich) Dat misst seng Mamma gesin, wat géif se da son? Au, au scum dech virun Stella (höllt d'Stella) mat der Hand, zéi et bei d'Bänk, wou se sech sätzen) So héier emol, wou hues du eigentlech déi gudd Dugenden all hir, déi d'Mama esou bewonnert, et ass jo fabelhaft, wat ech net alles vun dir léiere soll! Bescheidenheit und Sittsamkeit. Eingezogenheit und Dankbarkeit a wéi all déi...Heit a Keit héschen. Ech brengen et zu menger Lebchesdag zu kenger vun dénen Heiten a Keiten.
- Stella: Mat Gotteshöllef an e bössche gudd Wöllen werd et scho goen.
- Odette: (onwölleg) O du mein, ech géif mech doud stierwen vun elauter Denken op Schrack an Tratt. Ass dat net géint d'Anstandsregel, géint de Heit oder Keit? Et ass én dach jonk, an nemmen émol jonk, ech wöll déi schéin Jugend genéissen!
- Stella: Dat solls du! Kén hönnert dech drun. Liest der deng gudd Mamm net all Wunsch aus den Aen?
- Odette: (schmollend) All Wunsch? Ass dat, wann én all Ableck eröm geholl get, an deischer bekuckt get, wann et domat duer gét - Du, jo du bass Mamas erzgebronzelte Bratzelsteckelchen, hiren Härzensliebbling.
- Stella: (erschreckt) Odette?
- Odette: (erregt weider) Ass et villeicht net wouer? - Et wär iwerhapt vill besser, du wärs der Mamm hirt Kand, an ech - ech hat emol nogelauschtert, et war viru Joren, wéi eist Dorothee zu engem gesot huet - denk der emol - hahaha! ech wär esou wöll, wéi en Zigeinerkand.
- Stella: Ech bieten dech!
- Odette: (lachend) Hahaha, scho munechmol hun ech selwer geduecht, ech wär méi glecklech als Zigeinerin, wéi als Comtesse.
- Stella: Versöndeg dech net!
- Odette: Hahaha...versöndegen. - Wat ass dann dobei? Ech schwärme fir d'Zigeiner - beneiden hir Freihét an hirt Wanderliewen (LiddK).....Dat muss herrlech sin an der schéiner weiter elt eröm ze zéien, Abenteuer ze erliewen, all Dag en anert, ei!
- Stella: (lachend) Ze stielen wéi d'Elsteren, vun Dir zu Dir héschen ze gon a vun de Gendarmen vun Duerf zu Duerf gejot ze gin.
- Odette: Dénen heiratslöschtegen d'Kard ze schloen - önnner bloem Himmel ze schlofen
- Stella: (löschteg) Sech muergens an engem Pull ze wäschen - an engem dompege Won voll Fléi a Leis ze campéieren.
- Odette: Puh, hal op. Du sés dat op, wéi wanns de schons derbei gewiescht wärs.
- Rosette: (dat schon eng Weil, vum Publikum sichtbar, nogelauschtert huet) Sainte madonne! Wat dū schwätze vun de Zigari - von di Zigari net schéin - Nöt schwätze vun di Zigari - böser Mamm Zigari - onai (Odette a Stella sin opgestanen)
- Odette: (mutwölleg) Ah, Mamselle Rosette, héier emol: Mir zwé hun elo e Plang gemacht, an ass excellent. Mir gin derduerch, a mir zéien mat den Zigeiner durch d'Welt.
- Rosette: Pitié, wat dir do gesot (kuckt ängschtlich op d'Dir)si Madame la Comtesse.....
- Stella: (lét d'Hand op dem Rosette seng Scheller) Et ass jo nömme Spass. - Wat bringt der eis, Mamsell Rosette?

- Rosette: (lét d'Hand op d'Stir) Aaaaah...Madame la Comtesse ruffen Mesdemoiselles fir promenade - gleich - Madame la Comtesse warden op de Terrasse.
- Stella: Mir kommen, öannerwé man ech dein Hut erem an d'Reih, Odette.
- Rosette: (kuckt den Hut an höllt en) Wat ass mat Hut vun....? O Comtesse Odette ganz fouttü kapütt! ,....Oh!(mecht e Fanger)
- Odette: (rappt er den Hut aus den Hänn) Ech wöll elo net spazéiere gon - Sot menger Mamm, ech wär ze midd! (setzt sech trotzeg)
- Stella: (léif) Nén, Odette, dat därfs du net man - komm!
- Odette: (zorneg) Loss mech mat Rou a mach wat ech soen!
- Rosette: (bittend) O Comtesse Odette...Mme la Comtesse särr triste, wann dir non komm.
- Odette: Elo son ech iesh fir d'allerlescht - git! (greift nom Schirm) soss werfen ech iech de Parassol an de Kapp.
- Stella: (lét dem Rosette d'Hand op d'Schöller a wenkt em ze kommen.)
- Rosette: (röselt de Kapp) Non brav dat! (allebéid lenks of)
- Odette: (geheit zorneg de Parassol ewech) Ech losse mech net méi wéi e Baby am Gängelband féieren - alles wöllt mech bemutteren, kammandéieren a korrigéieren - ké wöllt mer de Wöll dongen - och d'Stella fängt schon un - ..(schmollend) ech hun senger ewell genug - muss ech net honnertmol dös Dags et vu menger Mamm luewen a preisen héieren. Scho fréier, ir d'Stella koum war menger Mamm hir Sympathie fir mech net allzegrouss, an hir Zärtlechkéit huet mech nie erdrecht (lacht höhnisch) Dat mag nun och op Gegenseitegkéit berouen! - Awer zönter dass d'Stella hei ass, sin ech eng Null - d'fönneft Rad um Wön.
- Erna: (war gleich nodém d'Stella an d'Rosette erausgongen, vu rechts erage-trueden an huet alles nogelauschtert - mam Hutt a Parassol) Aaaaah!... endlech könnt dir d'Licht!
- Odette: (sprengt erschreckt op) Wéi hues du mech elo erschreckt, Erna
- Erna: (lacht) Dat déd mir léd - behal deng Platz (allebéid setzen sech)
- Odette: Wou könntst du dann hir? Wou gés de hin?
- Erna: Et ass esou schéi Wieder. Wéi wär et, wa mir eng Kahnpartie megen?
- Odette: (sprengt op) Hei, ech si matt!
- Erna: (zeit et nidder) Nach é Wuert (kuckt virsechteg öm sech) elo kann ech wuel émol driwer schwetzen. Du schengs jo selwer, no dem, wat ech e'nescht gehéiert.....
- Odette: (schwätzt dran) Hues du gelauschtert?
- Erna: (lächelnd) Du hues dach hard genug geschwat, dass ech net hu brauchen ze lauschteren.
- Odette: Wat mengs de dann?
- Erna: Nun, dass et der endlech klor göt, wien der d'Liewe versauert, der d'Herz an d'Léift vun denger Mamm ze stielen wés - t'huet é jo bis elo net dierfe schwätzen - du wars jo vernarrt an dat Zigeinerkand.
- Odette: Zigeinerkand? (verwonnert) Wien nenns de esou?
- Erna: Ma dat vun déms de elo geschwat hues.
- Odette: Wéi d'Stella?
- Erna: Wie soss dann anescht?
- Odette: Dat ass dach kén Zigeinerkand - Sei Papp war dach Schoulméschter zu.....
- Erna: (fällt dran) ...Huet dann nach kén dir erzielt, wéi de Schoulméschter zu dem Kand komm war?

- Odette: Wéi, wier et also net sein égent gewiescht - Wéi koum en dann derzou?
- Erna: D'Zigeiner haten en et virun d'Dir geluegt.
- Odette: A meng Mamm wéss dat?
- Erna: (kuckt virsechteg òm sech) Jo, du darfs mech awer net verroden - héierste - deng Mamm wöllt net, dass hat eppes dovu gewuer gët.
- Odette: Wién? Hatt? D'Stella? Wés hat et dann net?
- Erna: (zéit d'Schölleren) T'gët én net klug aus em. Ech halen et - a meng Mamm denkt grad esou - fir e verstellerecht Dengen.
- Odette: (erstaunt) Wién? D'Stella? Nén! - D'Stella a Verstellerei dat ass zwéerlé. - Wann dat Verstellerei ass, da verléieren ech de Glaw un d'Menschhét.
- Erna: Du werds dech dach net méi verwonneren, wann ech der nach weider erzielen....Awer wéi gesot, du derfs mech net verroden.
- Odette: (ongedölleg) Da fuer emol lass.
- Erna: (weist no lenks) Wie könnt do? (stét op)
- Odette: (stét op) Meng Mamm.
- Erna: (beschied d'Äe mat der Hand) An???
- Odette: An d'Stella an d'Mamsell Rosette. Loss mer gon - meng Mamm hat mech - ech wöll elo net mat hir spazéiere gon - fort - önnerré verziels de mer dann (rechts of)
(Déi aner 3 komme lenks eran am Réskostüm)
- Gilberte: (kuckt erstaunt rondöm sech) Nöt hei? Dir hut dach gesot, dat et elei sötze blouw - nöt?
- Stella: Sou ass et Madame la Comtesse.
- Rosette: Oui, op döse Sötz war Comtesse Odette bliw.
- Gilberte: (betrübt) An ht huet gesot, dass et....
- Rosette: Oui, oui - non brav - huet gesot: ech net wöll spazéieren - hu mir gesot Madame la Comtesse särr affligée - huet si mat parapluï menacéiert a Kapp werfen.
- Stella: (lächelnd) Dat wor nemme Spass. Madame kennt dach d'Odette. - Et mengt et nie sou schlömm ewéi et sech stellt. - Ech muss et wirklech hei a Schutz huelen.
- Rosette: Assurément...Mamselle Stella mat hirem gudden Herz muss excuséieren wat Comtesse Odette man (erregt) och schon, wéi op dem grouse lac si ganz secher wär doud gin am Eislach, wann ale Kloss si net sauvéiert hätt.
- Stella: (wiert verlén of) Dat ass scho lang vergiess.
- Rosette: Nén, ech muss schwätz (energesch) Ecoutez-moi, Madame la Comtesse, ech muss soe, wat ech scho lang soe sollt.
- Stella: (flehend zur Gräfin) Nén, sot nén, Madame
- Gilberte: (zum Rosette) Schwätz - ech wöll d'Wourecht wössen - soll se mer och wéi dongen.
- Rosette: (energesch) Ech mat meng A gesin hat, wéin d'Stella gestoss an dat grousst Lach am Eisen - wollt son am Eis - Comtesse Odette war et.
- Gilberte: Stella ass dat wouer?
- Stella: D'Odette (verlén) hat et net mat Absicht gemacht, Nén, mir si gelaf, gelaf, wien d'escht kéim, an...
- Gilberte: (händeringend) Mei Gott! an dat gin ech erescht haut gewuer.

- Rosette: Ah! - Ech net duerft schwätzen, hun hat promettéiert musst, net schwätzen (weist op d'Stella)
- Gilberte: (höllt d'Stella mat den Hänn) Mei léift Kand, dat wor net recht vun dir.
- Stella: (flehend) Verzeiht, edel Comtesse. Sot neischt zum Odette, sie huet et secher net mat Iwerléung gemach.
- Henriette: (vu rechts) Duerf ech?
- Gilberte: Ah, Henriette, du?
- Henriette: Könns du mir e puer Minuten schenken?
- Gilberte: Gewöss
- Henriette: (mat engem deitungsvolle Bleck op d'Stella an d'Rosette) Ech géif gär...
- Gilberte: (einfallend) Wollste eis begléden oder zéiste vir (weist op d'Bänk)
- Henriette: Ech sin e wéineg midd (weist op den Himmel) an ech färten et göt e Wierder. Ech géif net gär weit vum Schlass goen.
- Gilberte: Gudd, loss mer eis setzen. Mir hate gemengt d'Odette hei ze treffen - ass et dir net begéint?
- Henriette: Dach, et ass mam Erna op dé grouse Weiher fir mam Nachen ze fueren.
- Gilberte: (erschreckt) Wéi, also dach. Trotzdem ech et streng verbueden hat (ängschtlech) Gott mei Gott!
- Henriette: Wat färts de?
- Gilberte: Wann e Wierder kéim, d'Wasser ass launeg.
- Henriette: Jé, jé, d'Odette ass dach en Held am Rudderent!
- Gilberte: (ganz onroueg) Nén! - Mei Gott, Stella laf huerteg dorover an du Rosette, géi matt, der kritt se villeicht nach eröm.
- Rosette: (verbeugt sech) Bien volontiers, Madame la Comtesse (drängt d'Stella)
- Gilberte: Séier - sot dem Odette, dass ech ausdrecklech verbidden elo an den Nachen ze goen
- Rosette: (nickt er zou) Oui, ausdrecklech - expressément (of)
- Gilberte: (kuckt ängschtlech no) Wann se nemmen net ze spéit kommen (fiert sech iver d'Stir) - Wat dat Kand mir Suerge mecht - ömmer nemme wat hat wöllt - op dat wat ech wöll höllt et keng Notiz.
- Henriette: (lét d'Hand op hiren Arm) Ma Gilberte, sief dach verstänneg. Du regs dech jo op uní Ursach. - Déi zwé sin dach keng kleng Kanner méi. Si werde schon gesin, wann e Wierder könnt an dann och wössen, wat ze man ass - Loss mer eis setzen (setzen sech) Ech hun der eppes matzédélen.
- Gilberte: Dach neischt schlömmes?...
- Henriette: (verléen) Dat héscht....(schweigt)
- Gilberte: Nés vum Odette?
- Henriette: Nén, dat....
- Gilberte: Vum Stella?
- Henriette: Ech hätt der gar de chagrin erspuert - over ech halen et fir meng Pflicht - Huet et der et nach net erzielt?
- Gilberte: Wien? D'Stella?
- Henriette: Maja - mat wíem et göschter owend spéit am Park - wann ech d'Léani gudd verstanen hun, war et elei - e rendez-vous hat.
- Gilberte: wíen?
- Henriette: Ma vu wíem schwätze mer dann?
- Gilberte: D'Stella?

- Henriette: Jo, huet et der et net verzielt?
- Gilberte: Nén.
- Henriette: Do geseis d'et jo! - oh déi Hémlechkéten gefale mir net.
- Gilberte: E rendez-vous? Mat wíem?
- Henriette: Mat enger Fra, wéi d'Léini sot.
- Gilberte: D'Leni, mei Kummermédchen?
- Henriette: Jo.
- Gilberte: Huet hat gelauschtert?
- Henriette: Wéi et sét.
- Gilberte: Wíen? D'Leni?
- Henriette: Jo, et war nogeschlach, well et wösse wollt, wat d'Stella nach esou spéit am Park....
- Gilberte: (onroueg) An d'huet gehéiert, woriwer déi zwéin geschwat hun?
- Henriette: Jo, dat héscht, et konnt net Wuert fir Wuert verston, well se gepöspert hun. E puermol huet d'Stella awer hart gesot: Oem Gotteswöllen, nén et ass net wouer - et kann net sin - dann hátt et gekrasch an öfter geruff: O Mamm, meng Mamm.
- Gilberte: (ganz opgeregt) Mei Gott, am Enn war déi Fra...(schweigt)
- Henriette: (gespânt) Du mengs?
- Gilberte: (zögernd) Ech wéss net....seng Mamm?
- Henriette: Neischt onméiglech - sou vill ass secher, dass de Schleier iwer dem Stella seng Hirkunft nu bal gelóft get.
- Gilberte: Huet d'Leni soss neischt verstoe können?
- Henriette: Dach, déi Numm gouf oft genannt. Zulescht huet d'Stella sech virun d'Fra op d'Knéie geworf an huet se ugeflét ze schweigen a kengem Mönch et ze verroden.
- Gilberte: Hat d'Leni net gesin, op d'Fra nach jonk war oder scho bei Joren?
- Henriette: Nén, et war eng Zigeinerin gewiescht.
- Gilberte: (spöttesch lächelnd) Natirlech, ouni Zigeiner gét et jo net. Si mussen ömmer hir Hand am Spill hun.
- Henriette: (spötzig) Nun, et sief dann wéi et wöllt, op jiddefall dreiwt sie mat dir, ech mengen d'Joffer Stella, e geriwent Spill.
- Gilberte: (energesch) Dat gléwen ech net.
- Henriette:)höhnesch) Dat verstét sech, dass du dat net gléws. - Du wölls jo blann sin. Fro d'Joffer Stella selwer, wat et mat der Fra verhandelt huet - villeicht könnt dann och Licht a munsh aner Sachen. - Ob de Renk mat dem Smaragd an de Brillanten, déns de dem Odette op Chröschtowend ge schenkt has...
- Gilberte: (an heller Entrüstung) Du wölls dach d'Stella nöt...
- Henriette: (roueg) Ech soen neischt - Dach werds de mer erlaben -
- Dorothee: (kennt lenks eran, ouni Otem) Madame, nén, do héiert over alles op. (Henriette a Gilberte erschreckt) Rot emol wat ech hei hun (Hállt geschlossen d'Hand hin)
- Gilberte: (lachtet) Jo, wat kann ech dann do roden?
- Dorothee: (fredeg erregt) Dat könnt dir och net roden. - Nén, a wann der rofe géift bis un d'Enn vun der Welt - Do kuckt emol.
- Gilberte: (höllt de Renk) Mei Gott, dem Odette sei Renk!

- Dorothee: Dén d'Chröschtköndchen em bruecht huet - dé mam Scharmacht
- Gilberte: (lächelnd) Smaragd!
- Dorothee: (weider) Nujé, jo, mat dem Schlamagd an de Brillanten - dé mir am ganze Schlass gesicht, an de mer, vu Gott wés wiem gestuel gegeléft hun.
- Henriette: Wou gouf en da fond?
- Dorothee: Ja, da rot emol (wichtig) an engem Kréiennascht - op engem Bam am Bösch.
- Henriette: (spöttisch) Dir hut se wuel net all? - Dat ass jo Onsönn, Dorothee.
- Dorothee: Sou da frouf emol de Jäng, dén neie Föschergesell, wou en de Rank fond hätt. - Dem Kuelemathes sei Bouf war op de Bam geklommen, fir déi jong Kréien ze huelen.
- Gilberte: An an dém Nascht fond e wirklech de Rank?
- Dorothee: Leibhaftig, an an der Dôt, wéi der en elei gesidd.
- Gilberte: Da muss dé Jong eppes kréien.
- Dorothee: (lacht) Dat huet e schons vu sengem Papp, dén arme Kéirel (mecht de Geste fir ze schlön) well et em streng verbueden gi war, op e Bam ze klammen.
- Gilberte: Ech werd d'Sach ausmachen - so em dat, an och dem Jängi.
- Dorothee: (knixend) Gewöss, gewöss - déi Eierlechkét verdengt belount ze gin. (dréit sech öm fir ze gon, kéiert awer gleich eröm) Nach ént, Madame, wéi de Jängi erzielt, dreiwit sech nés eröm Zigeinervollek am Bösch eröm.
- Gilberte: (lächelnd) Soooooo!
- Dorothee: Gewöss (knixt) gét, könnt eröm zreck) Et wir ze roden, dat déi Herrschaften hém gengen. Am Westen ass et allen. Deck, schwarz Wolleken.
- Gilberte: Sou? Mir komme gleich! (Dorothee of)
- Henriette: (kuckt no rechts) Wann nemmen d'Kanner net...Ech gi selwer kucken (verbeugt sech licht) Bis geschwönn (of)
- Gilberte: (setzt sech midd nidder) Mei Gott, wéi ass et esou dompeg. Ech ka mech bal net méi dron. - Et ass och net nemmen d'Wierder, dat mer op d'Nerven dreckt (Paus)...Wéi soll dé Renk an dat Nascht komm sin? D'Odette werd en am Bösch verluer hun, wou d'Kréien en du fond an an hirt Nascht gedron hun (nudenkend) Wéi licht kann én engem Onrecht donken (Paus) ...Wat d'Stella wuel...wie soll déi Fra sin? Mei Gott! Wann et wirklech seng Mamm wir! Wie wéss, wuerfir sie sech huet missen vun hirem Kand trennen, an et aneren virun d'Dir léen! - Ech werd d'Stella froen - ganz offe mat em schwätzen. Et verhémelecht mir et net.
- Stella: (trött rechts eran) Madame la Comtesse (mat héiflecher Verneigung)
- Gilberte: (stét erschreckt op) Stella, dü? - eleng - wou sin déi aner?
- Stella: D'Mamsell Rosette ass zreck an d'Schlass.
- Gilberte: (ängschtlich) an d'Odette, an.....
- Stella: (fällt schnell an d'Ried) Mir hun se net méi getraff.
- Gilberte: (besuergt) Da waren se schon fort geruddert.
- Stella: Nón, de Nachen loug nach an de Ketten. De Gärteschbouf huet gesot de Dammen wären an de Bösch gangen.
- Gilberte: (erlichtert) Gott sei Dank
- Stella: Si si bestömmz schon eröm ömgekéiert, well, wéi et schengt (Bumm-Donner) Do! - huet der et gehéiert? - Et donnert schon - wuel nach weit ewech - et kann och sin, dat mer neischt matkréien - solle mer net och hémgoen?
- Gilberte: Dach! - nemmen én Ableck, Kand! (Kuckt rondöm) Mer sin dach eleng hei? Ech géif dech gar eppes froen, mei Kand. Ech wéss, dass de mer offen d'Wourecht werds son, wéi emmer ech et bei dir gewinnt sin.

- Stella: (erschreckt a betraff) Ech bieden iech, Madame la Comtesse.
- Gilberte: Wars du göschter owend hei mat enger Fra zesumme komm?
- Stella: (wéi uewen) Jo, Madame la Comtesse.
- Gilberte: Wié war déi Fra?
- Stella: Ech wéss net, wéi se héscht.
- Gilberte: Hat se dech hir bestallt?
- Stella: (wenkt) jo!
- Gilberte: Duerch wien?
- Stella: Sie huetmir e Bréifchen zougestallt.
- Bilberte: Durch wien?
- Stella: Durch e Jong
- Gilberte: So, huet se dech ugebiedelt?
- Stella: Nén.
- Gilberte: Wat wollt se da vun dir?
- Stella: (verléen) Si hat mer eppes matzedélen.
- Gilberte: Duerf ech et wössen?
- Stella: Né, Mme la Comtesse, nie an nemmen!
- Gilberte: (erstaunt) Ni an nemmer! Sou huet et dech getraff?
- Stella: Jo, mech a meng Eltern.
- Gilberte: (erstaunt) Dech - an deng Eltern? Huet si der gesot, dass de, dés du als Papp a Mamm bis elo gär has....
- Stella: (brecht an e krampfhaft Kräischen aus)
- Gilberte: (lét dem Arm öm seng Schöller) Mei Kand, du muss net kreischen .- Huet sâe der gesot, dass sie net deng Eltere waren?
- Stella: (kreischt) Jo, Madame!
- Gilberte: An - dass sie - déi Fra - dass sie (schweigt verléen)
- Stella: (kuckt erstaunt op) dir mengt - meng recht Mamm wir.
- Gilberte: Ass et net esou, Stella?
- Stella: Nén, dat huet si nôt gesot.
- Gilberte: (verwirrt a verléen) Och nôt?
- Stella: (flehentlech) Madame la Comtesse - frot net weider, ech bieden iech - weider kann, därf ech neischt verroffen (knéit vrun der Gräfin, höllt hir Hänn) Madame la Comtesse, scheckt mech fort - O sot jo, losst mech gon - ech siche mer eng aner Platz.
- Gilberte: (zéit et zärtlech op) Ma, Kand.
- Stella: (flehentlech) Ech kann net bleiwen - kann net - losst mech gon (Donner, et get deischer, et blötzt)
- Gilberte: Mei Gott! Et blötzt - mer müssen eis schnell ewecj machen - komm (zéit d'Stella mat sech - no lenks of)
- (D'Bühn bleiwt eidel - den Donner könn méi no - Blötz op Blötz - iwerdém: ODETTE, rechjs eran, d'Hor wöll öm d'Stir, den Hut mat engem Band öm den Arm - kuckt mat wöll fonkelnden Aen an d'Wiederder:
- Odette: Haaaah! Wat herrlecht W. erder! Wéi dat rullt a Kracht, wéi wann déi béis Géschter mat de Bierger géife Kéle spillen ! (Blötz) Wann de Blötz durch d'Wolleke firt wéi eng Schlang, da fillen ech mech, ech wés net wéi - esou wuel gemütt - esou iwer all Welt erhuewen - Ha, ech hätt gudd Loscht elo um Wasser ze rudderem, a keng dem Doud an d'Aen ze kucken -

- wuerfir sin ech ké Mann? (kuckt no rechts an no lenks) Sollem se mech sichen? (Blötz) Hei, wéi schéin! Soll d'Mamm an der Angscht fir mech sin? (stéisst mat dem Fouss op de Buedem) Né, si huet mech net gär (wöller Leidenschaft) Zönter dass dat Stella sech hei ageschlach huet - ech richten dat zu'grond.

Zigeinerin:(rechts aus dem Hannergrond) Schätzchen sei auf deiner Hut!

Odette: (erschreckt, tritt no lenks zur` Seit) Wat wölls du, al Hex?

Zigeinerin:(tritt méi no) Hihhi! alte Hex! (droht mat dem Knöppel op dén se sech steipt) Schätzchen, sei auf deiner Hut, sei hübsch artig, nicht ungezogen! Alte Hex, so darfs du mich nicht nennen! Hör mich an.

Odette: Wat wölls du?

Zigeinerin:(könnt nach méi no) Ganz leise dir - damit es niemand hört (kuckt vir-sechteg ronderöm) etwas ins Ohr....

Odette: (weicht ängslech zreck an droht mat dem Parassól) Réier mech net un, soss ruffen ech Hellef erbei.

Zigeinerin:Nicht Schätzchen, nicht Hilfe ruffen, wäre nicht klug - wäre zu deinem Schaden - Lass mich ins Ohr dir flüstern - wirst dich wundern - wundern - komm (tritt un d'Odette erun a flüstert em an d'Ouer)

Odette: (lacht höhnesch) Hahahaha! Du bass voll Schnaps, al Hex

Zigeinerin: Nein, Schätzchen, bin ganz nüchtern - Wenn du mir nicht glauben willst, ich habe Beweise - Hör - (flüstert em an d'Ouer)

Odette: Du béiss, verfluchten Hex! - freche Pack (schléit déi Al mam Schirm) Aus mengen Aen fort!

Zigeinerin:(schmerzlich bewegt) A weh! Wenn das deine Mutter hätte sehen müssen! Dass du mich geschlagen! Weh dir! (Kuckt erschreckt zur Seit) Man kommt, man sucht dich! Ich muss fort - Leb wohl! (humpeflt no rechts of)

Odette: (kuckt er entsetzt no) Et ass net wouer! Et kann net wouer sin! (et blötzt, d'Odette bedeckt geblennt d'Aen) Hu, x wann et wouer ass, da kann a wöll ech net méi liewen. (Blötz an Donnerknall) (D'Odette jeitzt, greift un d'Stir a fällt mat dem Ruff:)Mai Gott!

Stella: (Am Rémantel, Duch öm de Kapp) Hei och net! Odette - Odette! (Et blötzt) Hu, wann et bei dém Wieder.....(riff) Odette! Odette! (erbleckst et) Mei Gott! Hei leit et (knéit nidder) Doud, vum Blötz erschlon (Höllt dem Odette sei Kapp op de Knéi) Mei léift Odette (fillt de Bols) Gott sei Dank, et liewt nach!

Dorothee: (ebenfalls en Duch öngeschlon, léft vu rechts erbei) Stella!

Stella: Dorothee, hei, ech hun et fond.

Dorothee: (dét e Krésch, knéit bei déi zwé nidder) Doud?

Stella: Né, Gott sei Dank! Et liewt nach. Er schengt nemmen vum Blötz gelähmt ze sin.

Dorothee: (stét op) Déi arme Mamm!

Stella: Mir müssen se gescheckt drop virberéden. Géi mach dat recht geschecker-lech, nôt Dorothee, nôt Dorothee (flehend)

Dorothee: Jo, jo....déi arme Mamm! (of)

Stella: Gott, mei Gott, loss et net stierwen (kuckt flehend zum Himmel)
(Donner)

V o r h a n g

4. A K T

(Veranda, Gardendösch, Gardestill - greng Planzen - D'Dorothee an d'Leni bringen eng Fotell oder eng Chaise-longue)

- Leni: Wuer setze mir se hin?
- Dorothee: Ech denken hir, well hei sötzt et geschount géint de Wand.
- Leni: Jo, an elei ass eng schéin Aussicht (kuckt rondöm sech) Félt nach eppes?
- Dorothee: De Rescht besuergen ech. Nu géi du a so dem Kutscher, dass e mat Zeit op der Gare muss sin - punkt 4 Auer - soss get et en Donnerwierder.
- Leni: (dréit sech öm) D'könnt sin.
- Dorothee: Wart emol - nach ént! Ass déi Fra nach eröm komm?
- Leni: Jo, haut de Muergen.
- Dorothee: (droht mat dem Fanger) Dass de se net era léiss, héierste!
- Leni: Sie wöllt partout bei d'Comtesse.
- Dorothee: Fir ké Geld a ké Preis - d'Madame ass duerch all dat Léd an déi Oprengung esou erof, esou armséileg - so der Fra, si wär krank - si könnt absolut ké Besuch unhuelen.
- Leni: (dréit sech öm, fir ze gon) Ech werd er et son.
- Dorothee: Gutt, da géi! (Leni of)
- Dorothee: (reckelt a necht Uerdnung) Dat wär nach méi schéin - dat géif och nach grad féken, dass déi eis, dadém, dat mer erem glecklech esou weit sin, erem alles op d'Kopp geheie géif. Ech halen se fir eng Schwindlerin - an dat ass si och, dem arme Stella hat si de Kapp verdréit - Gott wéss, wat si dem léiwe Kand virgeschwindelt hat. - Et ass jo net ze sán, wat mer an all der Zeit elo matgemach hun. - Do héiert nun over alles op - Ech wette mei Kapp drop, dass dat Zigeinervollek do d'Hand am Spill huet.
- Gilberte: (geseit ganz ugegraff aus, schwätzt midd an traureg) Bidd der ferdeg, Dorothee? (kuckt an d'Feren) Eng schéi Plätzchen...!
- Dorothee: Gelt emol, Madame (hölt geschäfteg eng Bänkelchen erbei, e Kössen an eng Decken. Wéi gét et eiser léiwer Kranker haut?
- Gilberte: (besuergt) Net gud - Déi grouss Schwachhét - awer et bestét drop - den Dokter mengt och, déi gudd frösch Loft könnt neischt schueden.
- Dorothee: (Zounickend) Dat mengen ech och.
- Gilberte: Wann nemmen net - bis elo huet et zum Gleck - zönter dass d'Fuebelen opgehéiert huet, net méi dervu geschwat, wann nemmen net eppes plötzlech d'Erönnung wachriff. Den Dokter mengt, et wär weneger de Blötz gewiescht, wéi eng stark, séilesch Opréngung.
- Dorothee: Sou, mengt en?
- Gilberte: Jo, du hæs jo gesot, dass de Jängi der erzielt huet, en hätt dén Owend eng al Zigeinerin am Bösch begéint.
- Dorothee: (lebhaft) Jo, dat huet de Jängi gesot.
- Gilberte: Op dat Framönsch - wié wéss - wuerfir huet mein Odette am Fuebelen esou vill vun Zigeiner geschwat?
- Dorothee: (erschreckt an erstaunt) Ass et 'wouer?
- Gilberte: (seufzend) Et war over esou eppes durchernén, dass é ké richtege Satz konnt draus fannen. Sonnerlecherweis huet et esou oft den Numm Stella dobei ausgesprach.
- Dorothee: (wéi uewen) Stella

- Gilberte: (wéi uewen) Jo, bal huet et derbei gescheimt vu Roserei, bal koum den Num mat Zärtlechkét a mat esou enger Innegkét iwer seng Löpsen, dass et bal huet misse kreischen.
- Dorothee: (röselte de Kapp) Do göff é klug doraus? Duerf ech d'Madame la Comtesse eppes froen?
- Gilberte: Gewöss!
- Dorothee: Huet d'Stella iech scho matgedélt, wat déi friem Persoun vun him wollt?
- Gilberte: Ech hun et zönterhir net méi gefrot - d'Krankhét vum Odette huet all meng Zeit a meng Gedanken an Usproch geholl. Mé ech huelen enuecht, dass d'Stella net méi sou einfach a vertraulech géint mech ass, et huet eppes wat et dreckt. - Ech mengen net anescht, als wéi déi Persoun seng Mamm ass.
- Dorothee: (entschieden) Dat gléwen ech net, nén, dat kann net sin. Dir musst mer et net iwel huelen, Madame - wuerfir dann esou Hémelechkéten? Da géif se einfach hirt Kand bei sech huelen.
- Gilberte: Wie wéss....
- Dorothee: (lebhaft) Né, né, Madame, därf ech och eppes soen?
- Gilberte: Gewöss.
- Dorothee: A mengen An ass déi Persoun eng Schwindlerin, déi mat den Zigeiner am Bond stét. Wéss den Himmel, wat se dem Stella virgeschwindelt huet, fir dat armt Kand...
- Stella: (erschengt an der Dir mat enger Decken) Madame, duerf ech kommen?
- Gilberte: (fröndlech) Jo, mei Kand! - Du bringst?
- Stella: (lét d'Decken op d'Fotell) Nach eng Decken - O, elei ass et schéin - Hei wärd et him gefallen - Duerfe mer elo kommen?
- Gilberte: (besuergt) Füllt et sech dann net ze schwach?
- Stella: Mit féieren et - elei ass et fein - elei wärd et sech erhuelen. Et ass em haut esou wuel, wéi nie, esou sot et zu mir.
- Gilberte: Da probéiert et - Dorothee, géi kuck emol op d'Zömmen vu menger Schwéiesch an dem Erna an der Reih ass, an op de Kutscher fort op d'Gare ass. Dir huet en dach avertéiert?
- Dorothee: Jo, Madame, en ass fort. Punkt 4 Auer.
- Gilberte: Merci -(Dorothee of)
- Gilberte: (höllt d'Stella mat zwou Hänn) Mei Kand, ech danken der villmols fir alles, wats de an dem Odette senger Krankhét fir hat a fir mech gemach hues. Den Himmel soll dech sénen.
- Stella: (bescheiden) Ech hun et esou gär gemach, nobel Comtesse.
- Gilberte: Ech wär zugrond gangen, wanns du mer net Dag an Nuecht beigestanen häss... An du wölls mech nu verlossen?...mech, déi dech esou gär huet, wéi hirt égent Kand - Nén, nén, dat kannst, dat duerfst du net, verspréech mer mech net ze verlossen.
- Stella: (fällt schluxend vrun hir op d'Knéien) Dir wösst net....o losst mech gon....wann d'Odette eröm gesond ass....da wöll ech
- Gilberte: (zéit et op an dreckt et un sein Herz) Nie, nie, ech géif stierwe Kand, wanns de.....
- Leni: Pardon, Madame, e Gendarm wönscht iech ze gesin.
- Gilberte: (erstaunt) E Gendarm?
- Leni: Jo, e misst onbedengt mat iech schwätzen.
- Gilberte: Ech kommen. (Leni of) (zum Stella) Iwerlé der et, Kand, iwerlé der et gnd! (of)

- Stella: (fällt op d'Knéien, hiewt d'Hänn zum Himmel) Mei Gott, ech packen et net méi! Gëf du mer Kraft. (Paus - kreischt) (stét op) Et ass net wouer - et ass net wouer (eröm traureg) An dach ass et esou! - mein Herz rífft et mat aller Gewalt - et ass esou, wéi déi Fra gesot huet - (Faus, drenchend d'Tréinen) O Gott, ech léen alles Dir an d'Hand! (gét lenks of - - d'Bühn bleiwt en Ablek eidel - et kommen eran d'odette, ganz schwach a bléich, d'Hor glad am Schéd - geféiert vum Stella a'm Rosette)
- Odette: (mat schwacher Stömm) O merci (kuckt sech öm) Wéi schéin, wéi schéin, hei gin ech gesond (setzt sech, vum Stella a Rosette gestéipt. D'Rosette schiebt d'Bänkelchen önnert d'Féiss - d'Stella lét em d'Decken iwert d'Knéien) Merci, wéi sitt der esou gudd - merci villmols.
- Stella: (kann d'Tréinen nemmen mat Méi zreckhalen) Sötz de esou gudd?
- Odette: (wéi uewen) Ganz bequem (kuckt ronderöm) Wéi d'Rousen esou schéi bléien an do de Séi ass esou hell ewéi e Spigel (firt mat der Hand iwert d'Stir) Rosette, wöllt der net mei Schäl huele goen?
- Rosette: Bien, bien volontiers, Comtesse, de suite (schnell of)
- Stella: (besuergt an ängstlech) Ass ét der nach net ze kal?
- Odette: (erregt) Nén, nén, ech muss der eppes soen, Stella - ir ech stierwen.
- Stella: (hölt besuergt seng Hand a knéit vrun emnidder) Du därfs elo net vum Stierwen schwätzen.
- Odette: Héier mech un - De Séi huet mech elo drun erönnert, wéis du am leschte Wanter bal erdröck wars.
- Stella: (ängstlech besuergt) Du hues Féiwer, Odette.
- Odette: Nén, ech hun dech démols gestouss - nôt mat Absicht, nén aus Mutwöll - verzeih mer - ech kann net stierwen, bis erh der alles gesot hun - an dech fir alles öm Verzeihung gebieden hun - wat ech der ugedoen hun - verzeih - du wéss net, wéi gär ech dech hat.
- Stella: (kösst em d'Hänn) Nun ass alles gudd - nu séi roueg an zefridden
- Odette: (Féiwerhaft, Hast an Onrou) Ech hun dir - nach vill ze son.
- Rosette: (könnt mat dem Schal) Sou hei sein dat Schäl (hängt em en öm, erschreckt) Comtesse fréiert?
- Odette: Nén, nén - n'est-ce pas - dir losst eis e wéineg eleng, ech hun dem Stella eppes ze son.
- Rosette: Mais oui, assurément (knixend of)
- Odette: (kuckt an d'Fernt) Sou schéin hun ech de Gart nach nie fond gehat - an elo muss ech fort fir emmer - emmer - fort. Komm - Stella, setz dech bei mech, an héier mech un (d'Stella höllt e Stull) Wéi schéin dohannen, d'Sonn an de Séi - Stella lauschter mer no.
- Henriette an Erna kommen am Réskostüm)
- Erna: (stirmt op d'Odette zou) Lo si mer jo eröm, Odette
- Henriette: Du geseis jo prächtig aus, wéi hét et dann?
- Odette: Ech danken gudd, an iech?
- Erna: (löschtég) ganz ausgezéchent! (allebéid huelen se keng Notiz vum Stella, dat bei hirem Antrieden opgestanen ass an hannert d'Odette getratt ass)
- Gilberte: (könnt eran, get op d'Odette zou a kösst et) Do bass de jo well hei bausen, mei Kand, wéi fills de dech dann?
- Odette: Ech danken, M.....(Paus) Ech danke gudd!
- Dorothee: (féiert d'Jeannette mat der Hand eran - einfach geklét - Duch öm de Kapp) Madame la Comtesse, kuckt emol elei (d'Stella presst erschreckt d'Hänn op d'Herz) oß der déi elei nach kennt? (féiert d'Jeannette vrun d'Gilberte, esou dass se allebéid an der Mött vum der Bühn stin. D'Stella stét

rechts e böschén hannert dem Odette. D'Rosette könn't vun hanner erfört a bleiwt am Hannergrond stoen)

Gilberte: Wéi sidd dir net déi fréier Kannermod vun Odette?

Dorothee: (lebhaft) Natirlech - d'Jeannette - kenn der se nach? Ech hun se gleich erkannt.

Jeannette: (fällt op d'Knéien a sét schluchzend) O, Madame, zu äre Féiss gesidd der eng Persoun, déi eng schwéier Schold um Gewössen huet. Héiert mech un, soss stierwen ech - ech kann an duerf net méi schweigen.

Stella: (mat besuergetem Bleck op d'Odette- streckt d'Hänn géint si aus) O, net hei, net hei! (all kucken se erschreckt op d'Stella an d'Jeannette)

Odette: (mat grousser Ustrengung) Dach - losst se schwätzen - losst se alles sou!

Gilberte: (wöllt d'Jeannette opzéien) Gudd, da schwätzt, ower stitt op.

Jeannette: Nén, op de Knéien wöll ech meng Schold bekennen. - O, O Madame la Comtesse, Gott müss iech Kraft gin, well dat wat der héiere muss, ass entsetzlech.

Stella: (An der gréisster Séilenangscht) Nén, net, nén - Comtesse, d'Odette ass esou krank - hieft Matléd - hieft Erbarmen!

Odette: (räueg) Stella, loss se schwätzen - ech wés schon alles.

Henriette: Losst se schwätzen.

Jeannette: (erhiewt sech) Jo, Madame, losst mech schwätzen, soss stierwen ech (mat erhuewenen Hänn - léisst se dann falen) D'Odette ass.....

Odette: (vollendet) net ärt Kand....d'Stella ass et!

Stella: (léift op d'Odette zou, knéit niewent em - grouss allgemein Bewegung) Mei Gott, nén, nén, et ass net wouer.

Jeannette: Dach Madame, d'Stella ass ärt Kand, net d'Odette - O héiert mech un, et war dén Dag, wou äre Gemahl begruewe gief - dir wosst neischt dervun, dir wosst och net, dass an derselwechter Nuecht, wéi se déi bluddeg Leich vun ärem Gemahl an d'Schlass bruecht hun, den Himmel iech mat engem klengen Médche beschenkt hat.

Dorothee: Sou ass et, Madame la Comtesse loug wochelang ouni Besönnung töschend Doud a Liewen. Erescht lang duerno hut dir fir d'escht ärt Kand ze gesi kritt. - Nu Jeannette fur du virun.

Jeannette: Dén Dag, wou den Här séileg begruewe gouf, hate mir all de Kapp verluer - an ech hat eng kurz Zeit d'Kand eleng geloss. Wéi et koum, wéss ech nach bis haut net, d'Schlass war voll Gäscht - all Dir a Part stung op - kurz a gudd, wéi ech eröm an d'Kannerzömmen koum, lug an der Wéi.....

Gilberte: (firt mat der Hand iwert d'Stir) Barmherzeger Gott!

Jeannette:e friemt Kand - Eist hat blo An an dat böschén Hèrchen um Kapp war zart a blond gewiescht. Dat friemt hat schwarz An an donkel wolleg Hor - Ech sollt schwach falen vun Angscht a Schrecken. O hätt ech, - et wär du nach villeicht Zeit gewiescht - hätt ech dun net geschwiegen - over a menger Angscht - mech huet jo d'ganz Schold getraff - wor ech wéi gelähmt an ouni Besönnung - ech hu geschwiegen - mei Gott, ech hu mer ageried, d'Kand géif sech eröm fanne lossen - oder d'geséich kén den Ünnerschéd - ausser mir hat nach kén et gesin - sou war et och, a wéi dir et fir d'escht gesougt, du hut dir gesot: et gleicht sengem Papp, dén hat esou donkel Hoer - Mei Gott, ech sollt vergoen, wéi ech iech esou gehéiert hun rieden. Ech wollt du bekennen, over nén, dat duerft ech net, dir ward démols nach esou schwach, esou krank, et wär ären Doud gewiescht. - Spéider hun ech héieren, dass dén Dag Zigeiner an der Géigend waren - du war et mir klor, awer du konnt ech glad neischt méi soen. Eng Zeit lang hun ech et nach ausgehalen an du hun ech den Dengscht opgin. En halleft Joer drop gouf ech bestued. Mei Mann war Schreiwier um Gericht. Hien hätt mech verstoss, wann ech de Mond opgedon hätt an ech hu meng Gewössenspeng gedroen bis elo.

Henriette: A vun dem Kann hut der neischt méi gehéiert?

Jeannette: Nén, erescht nom Doud vu mengem Mann huet eng Fra mer vun hei muenches erzielt, wat dir all wösst, ech hun nogefueuscht an ech kom zur Gewöss-hét, dass d'Stella.....

Gilberte: War dir et, déi mir dé Bréif gescheckt hat?

Jeannette: (rasch) Jo!

Gilberte: An déi mam Stella d'leschter.....

Jeannette: Am Park de rendez-vous hat.....

Gilberte: (hallef virwörfsvoll) Stella wuerfir hues du mir dat verschwiegen?

Stella: Well ech net fir wuer gehalen hun, wat déi Fra vermut huet - a well ech fir ké Preis dat aremt Odette.....

Odette: (kuckt wéi verklärt op d'Stella) Engel!

Henriette: (spöttesch zum Gilberte) Du gléws dach hoffentlech déi Séchen elo net (zum Jeannette) Hu dir Beweiser?

Jeannette: (roueg) Wann iech de Verglach vu Mamm an Duechter net genug ass, dann hun ech ausser mengem Eed, dass ech d'Wourecht soen, weider ké Beweis - awer ech si berét viru GottcatGericht ze widerhuelen, wat ech gesot hun.

Odette: (erhiewt sech méivoll) Da brengen ech en, de Beweis (fällt doudmidd nidder)

Zigeinerin: (trettt vu rechts eran a jeitzt mat greller Stömm) Nein ich! (all trieden entsetzt op d'Seit. Gilberte, Dorothee a Jeannette sti lenks, Rosette am Hannergrond, déi aner rechts. - d'Zigeinerin stét eleng an der Mött) Ich werde kurz sein - denn ich fühle es (ringt oft no Otem) mein Lebenslicht wird bald erlöschen (mit einem mitleidigen Blick auf Odette) Tut mir leid um dich mein Schätzchen ,ja um dich - (zieht ein kleines feines Hemdchen heraus) Kennen Sie, Frau Gräfin dieses Monogramm?

Jeannette: (helt er d'Hiemchen op) Mei Gott, et ass et, dat Hiemchen hat ech dém Klengen ugedon.

Zigeinerin: Wollen Sie noch mehr Beweis? Hatte nicht das ihrer so treuen Sorge anvertraute Kind ein Muttermal an der linken Hand - einen roten Fleck am Zeigefinger?

Jeannette: Dach, dach!

Stella: O Gott, mei Gott (all kucken se op d'Stella)

Zigeinerin: (zum Gilberte) Nun sehan Sie, Frau Gräfin - unser Häuptling, den ihr Mann erschossen - war mein Sohn - der Vater Odettes - Die arme Mutter starb in jener Nacht, da das Kind geboren ward (mit kreischender Stimme) Ich habe mich gerächt - Nun nehmen Sie ihr Kind - und meine Odette geht dahin zurück, wo sie hingehört, zu den Zigeunern.

Odette: (dét e Krésch a knéit) Nie an nimmer!

Zigeinerin: (hémlech fort, während dém déi aner all bei d'Odette lafen) O weh, Gottes Rach über mir.

Odette: (mat ömmer méi schwacher Stömm) Mein Jesus Barmherzigkeit!

Gilberte: (knéit nidder, höllt seng Hänn) Odette, mei Kand

Odette: Ech danken der - léif Mamm - duerf ech nach émol esou soen - Stella biet fir mech - verzeih mer - äddi - äddi alleguer (All knéien kreischend öm et - d'Henriette an d'Erna sin onbemierkt verschwonnen)

Dorothee: (hält sei Kapp) Et ass geschitt - Gott sei Dank, dass de muergen den Herrgott nach bei et komm war

(Paus)

Gilberte: (stét op a riff) Stella, mei Kand!

Stella: (fällt schluchzend an hir Ärm)

Rosette: O sainte Madonne - Quel miracle

(dúi drei lescht Wiederder schnell - Gilberte a Stella halen sech ömärmt,
bis dass de Vorhang gefall ass)

Zigeinerlied:

Sin ech keng Zigeinerin,
Schwarz mat roudem Monn.
Aen donkel feireg,
Schéin wéi eng Sonn.
All mei Liewen löschtég sin,
T'soll fir mech kén Trauer gin
Faria, faria, faria ho, lauschttert, lauschttert no.

Kuckt un Himmel blenkt e Stár
Fonkelnd weiss voll Glanz,
An dén hun ech énzeg gär
Well e gleicht mir ganz
Dúif am Harz do droen ech,
D'Léift zum Liewen wéi et wescht
Faria, faria, faria ho, kuckt sou sin ech jo!
